LOUTRES NEWS



Jun. Jul Nummer 6/2017/2018

LUXEMBOURG - 1
Port Payé
P/S.311

Kachdaag - 16 Juni 18

8 July 18

fnel scouts & guides

LES LOUTRES DE MERSCH, GROUPE SCOUT AFFILÉ À LA FNEL

Adresse officielle :
"Les Loutres de Mersch " A.S.B.L
B.P.31
L-7501 MERSCH

Adresse rédaction
Loutres News
c/o Jacoby
17, rue des Champs
L-7521 Miersch

Loutres News N°06 2017/18

Eng Zeitung fir all Loutres oder fir déi, déi eng kennen gin.
Kennt mindestens 6x am Joer eraus.

Rédactioun: Jacoby Vic

Mataarbecht : D´Chefen vun den Loutres
An all Member, deem des Zeitung nët egal ass.

Drock: Eegen Drock

Adress: LOUTRES NEWS
c/o Jacoby
17, rue des Champs
L-7521 Mersch
Tel: 691631616

Adress vum Home: 16, Haardter Wee
L-7534 MERSCH
B.P.31
L-7501 Mersch

Internet: www.scouts-loutres.lu

Konto: Les Loutres Mersch

CCPL : LU97 1111 0731 7537 0000

Beaver Branche	LU03 1111 2051 4284 0000
Wellefchers Branche	LU98 1111 2051 4385 0000
Scouts Branche	LU94 1111 2051 4587 0000
Explorer Branche	LU92 1111 2051 4688 0000

LOUTRES SHOP: Frot bei de Chefen no wann der eppes feelt:

Verpass net dain T-Shirt ze kaafen

Loutres T-Shirt (25 €) Softshell (45€)

Kachdaag

Moien Kanner , Elteren a Frënn,



dat ass Thema vun dësem Joer

RDV: **16.06 um 15:00 am Home** fir Beaver, Wëllef, Scouten an Explorer
Um 18:00 fir d 'Elteren a jiddereen deen gären schmaachen kennt.

Präis: **10€** fir Erwuessener, Kanner gratis (ouni Gedrénks)

Umellen: Jiddereen muss sech umellen fir dass mer wëssen wéivill mer kachen sollen (och fir d 'Kanner déi kachen an fir d 'Kanner déi just iessen kommen) - leschten Délai ass den **12.Juni**

Umeldung per Formular op www.scouts-loutres.lu

Giess gëtt am Zelt, vergiesst also net dech entspriechend ze kleeden.



Lenks Patt - deng Chefen

Ofschlossversammlung fir d'Joer 2017 / 18

Moien Beaver, Wëllefcher, Scouten, Guiden an Explorer,
d'Schouljoer geet op en Enn zou an domat och d'Scoutsjoer.
Virum Pow Wow loose mer d'Joer mat enger mei flotter Versammlung ausklëngen.

RdV.: **Samschdes, den 30. Juni um 14:00 beim Home**

Zréck: Samschdes, den 30. Juni um 16:30 beim Home

Matbréngen: Dot Gezei un wat knaschteg kann ginn, et ass sécher net verkéiert. Vergies net bei waarmem Wieder den Maillot resp. d'Schwammbox drënner unzedoen fir prett ze sinn fir Waaserspiller. Bréngt och frëscht Gezei (och Strëmp!) mat.

Wéi ëmmer sollt dir iech bei engem vun ären Cheffen ofmellen, wann dir fir déi Versammlung net kommen kënnt. Fir wieder Froen kënnt dir hinnen natierlech och uruffen.

Mat beschten Scoutsgréiss,
d'Cheffenequipp vun den Loutres

Den **8. Juli** 2018 mecht den Zirkus PAU WAU um **10.00 Auer** seng Dieren fir iech op.

Um **16.00 Auer** muss den Zirkus erem apaacken fir kennen weider ze zeien.

Départ?	Den 8 July um **09:30 zu Miersch op der Gare**
Retour?	De selweschten Daag um **16:40 zu Miersch op der Gare**
Mathuelen?	Gamelle, Besteck, Becher an/oder Bidon mat Waaser, Do dech dem Wieder ugepasst un, vergies net deng Loutres Kaap, T-Shirt oder Uniform wanns de e Brevet kriss.....a gudd Laun.
Prais?	10€/Pers. ze iwwerweisen op den Kont vunn den „Les Loutres Mersch mat der Mentioun: „Pow Wow Zirkus & Numm vum Kand“. CCPL: LU97 1111 0731 7537 0000

Lenks Patt - D'Cheffen

! Peach gouf geklaut !

D'Prinzessin Peach gouf vum Bowser geklaut, den Mario an den Luigi maachen sech op d'Sich no him. Sie hunn schon puer Hinweiser fonnt. Sie wessen schon dass et op den Stau geet mee sie paacken et net eleng dofir komm hinnen hellefen an deems du dech hei umells !

Depart : 9 Juni um 9h25 op der Mierscher Gare (den Zuch fiert um 9h33)

Retour : den selweschten Daag um 17h30 zu Miersch op der Gare

Umellen : iwwert d'Homepage oder beim Carissia (691 727 569, cdemoutiez@gmail.com)

Prais : 7€ sinn op den Scoutskonto z'iwwerweisen

Mathuelen : Schwammsaachen, gefelltenen Bidon, dem Wieder ugepassten d'Gezei (eng Kappbedeckung, Sonnecreme, Reenjacket,…) an fest Schung undinn

Falls du nach Froen hues, zeck net an mell dech bei ons !

Lenks Patt,

deng Cheffen

Programm Juni / Juli 18

Hei nach emol eng lwwersiicht vun all den Aktivitéiten fir dëst Joer.

Datum	Aktiviteit	Beaver	Wëllef	Scouten	Explorer
2. Juni	Versammlung	X	X		X
2-3. Juni	CP / SP WE			X	
9. Juni	Versammlung	X	X		X
9. Juni	Sortie			X	
16. Juni	Kachdaag	X	X	X	X
22. Juni	Virowend Nationalfeierdaag	X	X	X	X
30. Juni	Ofschloss-versammlung	X	X	X	X
8. Juli	Pow-Wow	X	X	X	X

NATIONALFEIERDAAG

Salut alleguer

De lëtzebuerger Nationalfeierdag dee kennt dir alleguert. Wei schonn säit Joeren organiséiert Mierscher Gemeng um Virowend Feierlechkeeten wou mir als Loutres zesummen mam Tennis an Handball eng Hand mat upaken.

RDV: den 22. Juni um **19:00 beim neien Futtballsterrain** zu Miersch an **Uniform a Foulard** (d'Beaver dinn hieren bloen Plover un)

Zréck: Deng Elteren fannen dech um Freicola rëm, wou se bestëmmt och hikommen. (ca. 20:30)

Ab Exploreralter si mir frou fir deng Hellef

Lenks Patt
DENG CHEFFEN

2019 ass et rëm souwäit, mir féieren 50 Joer Loutres.

Preparatiounen hu schonn ugefaangen a verhal der schonn des Datumen.

6-12 Abrëll 19 – (Ouschtervakanz)
Camp zu Oochen fir jiddereen mat enger Optioun klenge Camp fir Beaver

8 Juni 19 – (Paischtsamsten)
50 Joer Féier